N° 156
Entrée le 09.01.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 10.01.2024

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 09/01/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Finanzen weiderzeleeden.**

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro n°49 huet d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten Folgendes geäntwert: "*D'Ekippe bei der Douane um Flughafe sinn op déi potentiell Méibelaaschtungen duerch déi direkt Vollen aus China preparéiert. Wéi bei all nei Drëttlandsvollen üblech, sinn d'Ekippen an dëser éischter Phase, an där de Flux nach nei ass, renforceiert. An enger zweeter Phase, baséierend op deenen éischten Erfahrungswäerter, ginn d'Ekippe gegeebenefalls ugepasst. Dëst natierlech am Aklang mat de weideren Attributionen vun der Douanesverwaltung*".

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Ekippen huet d'Douane aktuell op der Arrivée fir Passagéier um Luxairport?
2. Aus wéi ville Persoune bestinn déi eenzel Ekippen, opgedeelt no vereedegte Staatsbeamten a Stagiairen?
3. Eis gouf zougedroe, dass a méi Ekippe scho länger Leit feelen a si ënnerbesat sinn. Zënter wéini feele Leit an deenen eenzelnen Ekippen?
4. An der Äntwert op meng drëtt Fro aus der parlamentarescher Fro n°49 steet, dass bei der Douane "*d'Ekippen an dëser éischter Phase, an där de Flux nach nei ass, renforceiert*" gi wieren. Wéi vill Leit goufen zousätzlech bei der Douane zënter der Annonce vun den Direktvollen tëscht Lëtzebuerg an China als Renforcement op d'Arrivée gesat?
5. Kann de Minister bestätegen, dass d'Renforcementer, vun deenen d'Ministesch schreift, aus Leit aus aneren Ekippen op der Arrivée bestinn, déi hire Schichtplang geännert kruten, wat am Géigenzuch awer fir e grousse Personalmangel an den ursprénglechen Ekippe suergt?
6. Wat ass geplangt, fir de Personalmangel laangfristeg an de verschiddenen Ekippen ze behiewen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten

www.piraten.lu